N°1967
Entrée le 21.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Wéi RTL den 18te Februar gemellt huet, ginn op sechs Plazen am Land nei Apdikten opgemaach.

D'Opmaache vun Apdikten ass am ofgeännerte Gesetz vum 4te Juli 1973 souwéi an de groussherzogleche Reglementer gereegelt. D'Apdikte brauchen eng Konzessioun vum Staat, fir dierfen opzemaachen. An der Praxis gi weider Apdikte vum Staat geneemegt, wann d'Awunnerzuel an enger Gemeng an d'Luucht geet.

D'Gemeng Péiteng zielt aktuell iwwert 20.000 Awunner, mee huet nëmmen 3 Apdikten.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kritt d'Gemeng Péiteng deemnächst eng weider Apdikt vum Ministère genehmegt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten